N°149
Entrée le 03.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.01.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2024

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Gëschter (2.1.2024) krute vill landwirtschaftlech Betriber iertemlecherweis e Bréif vun der Administration des Douanes et Accises, fir Cotisatioune vun hire landwirtschaftleche Gefierer ze bezuelen, obwuel dës zu Lëtzebuerg gesetzlech vun där entspriechender Steier ausgeholl sinn. Esou Feeler bedeite fir d'Betriber eng zousätzlech zäitlech Belaaschtung an deemno wéi feelen d'Suen och temporär am Betrib, falls si der Opfuerderung gudde Wëllens nokomm sinn. Schlussendlech droen se och net dozou bäi dat allgemeng Vertraue vun de Bierger an d'Verwaltungen ze stäerken.

An deem Kontext géife mir dem Här Finanzminister gär follgend Froe stellen:

1) Wéi vill landwirtschaftlech Betriber si vun dëser Pann betraff?
2) Si sämtlech landwirtschaftlech Betriber offiziell doriwwer informéiert ginn, dass dës Cotisatiounsopfuerderung iertemlecherweis verschéckt gouf, fir sämtlech weider Rechtsonsécherheeten ze vermeiden?
3) Kann den Här Minister matdeelen, ob séchergestallt ass, datt déi landwirtschaftlech Betriber, déi scho bezuelt hunn, hir Suen onmëttelbar zeréckkréien? Falls net, firwat net?
4) Wéi koum et dozou, dass dës Opfuerderung iertemlecherweis verschéckt ginn ass? Gesäit den Här Minister no dësem Tëschefall eng intern Evaluatioun vun den entspriechenden Aarbechtsofleef vir? Kann den Här Minister an deem Sënn och preziséieren, ob et sech hei ëm eng intern Simulatioun vun zousätzleche Recettë gehandelt huet? Falls jo, kann den der Här Minister der Chamber, als Souverän vun der Steierpolitik, déi entspriechend Resultater zoukomme loossen?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**